

Eis Sprooch léieren...

vum Lex Roth



(PHOTO: TEDDY JAANS)

Wéi mir 1976 déi alleréisch allgemeng Lëtzebuergesch-Coursën an deer (grad esou alleréischter) Ex-Europaschoul* um Glacis ugefaang hunn, do war äis séier eng ganz wichteg Saach bewosst: **Et ass e groussen Ënnerscheid, ob een d'Lëtzebuergesch vum enger «romanescher» Sprooch (Franséisch, Italiéinesch, Portugisesch) aus ugeet, oder vum enger «germanescher» (Däitsch, Dänesch-Schwedesch-Norwegesch) hier kënn.** Fir d'Leit aus dem englesche Sproochraum hate mir net esou vill Krämpes; déi haten hiren Usaz vun deer enger wéi vun deer anerer, deer romanescher a germanescher Basis-Sprooch hier.

Dunn hu mir emol d'éischt eng Opdeelung no deer Iwwerleeung gemaach, well «d'Approche» vun dëser oder deer Sprooch hier op d'Lëtzebuergesch jo eng grondverschidden ass. E klengt Beispill: am Italiéineschen, Portugiseschen oder Spuenesche gëtt an engem einfache Saz d'Person net duerch e 'pronom' benannt, mä – wéi am Latäin! – duerch eng 'Endung' am Verb... *ti amo!* Dat fällt engem normalerweis net op, mä beim Léieren ass et e ganz wichteg Element. Deer «kauzegeger Differenzen» hu mir no an no kéipweis begéint, an äis mat der Zäit drop agestallt. Datt et z. B. *am Lëtzebuergesch am 'Futur' keng Ännerung hannen am Verb gëtt, mä 'd'Zukunft' duerch en Zäitwuert ausgedréckt gëtt* (mar, herno, d'anert Joer...) huet d'Saach och nach net méi liicht gemaach... esou wéi si äis emgedréint am Fransésche bei de Verben an de Féiss steet. Dees guff et da maandelweis... a mir sinn äis dacks virkomm wéi 'Pionéieraarbechter'.

Eng aner Problematik ass déi hei gewiescht: **Solle mir d'Leit 'schulméisseg' un eis Sprooch eru féieren, oder nëmme mat Schwätzen**, also mat klenger Conversatioun? Anescht gesot: Vokabelen a Verbe léieren an Exercicë maachen, oder mat hinne babbelen? Mir haten geschwënn eraus, datt et net oui dat eent ower och net oui dat anert geet: als Fong e bësse Grammaire + Vokabelen, an déi da praktesch a butzege Gespréicher emgesat... an dat ass gaang! Nach haut begéint ee mat Freed Dammen an Hären, 'Stodenten' aus deer Pionéierzäit, déi engem mat dësem oder deem sympatheschen Accent verzielen, wéi flott dat 'deemoos' war... an dann ass een esouguer eng Grimmel houfreg!

Et ass eng aner Saach, ob een eng Sprooch 'ënnert de Leit' léiert, déi nëmme hir Sprooch schwätzen, oder ob een – wéi hei bei äis – vu jidderengem an egal watfir enger Sprooch ugaange gëtt. Zu Besançon muss ech Franséisch schwätzen, soss 'laut' keen op mech... mä dat huet dee Virdeel, datt ech mech mat Läif a Séil muss dru ginn, wann ech net total isoléiert wëll bleiwen; dat ass dann **d'Fro vun der 'Motivatioun'**. Hei bei äis ass dat total anescht; deemno muss d'Leiere vun eiser Sprooch och en anere Wee goen. Dat kritt elo mam neien Nationalitéitsgesetz e ganz anert Gesiicht, a mir müssen äis eescht Gedanken driwwer maachen, wéi mir dat Verlaange vun eiser Sprooch fir de lëtzebuergesche Pass an d'Praxis emsetzen. D'Actioun-Lëtzebuergesch sëtzt mat um offiziellen Dësch. A mir maachen eist op eng verstänneg a verstanterlech Fassong... esou wéi zënter 30 Joer!

* *déi Europaschoul um Glacis, an deer haut de «Centre de langues» fonctionéiert, ass an hirem Sënn en EU-historescht Gebai; duer gehéiert eng schéi Plack, déi dat feierlech an däitlech festhält... an net, wéi bei der Spuerkeess (op der Ex-Eisebunnsdirectioun) eng absolutt onopfälleg schwaarz Tak, déi schimmeg verzielt, datt déi alleréisch EU-Administratioun iwwerhaupt do ënnerdag war!*

d'Bom schléit zou!

esou eng Bomi gëtt et net. Et sief, si schléit **eng Dier** zou. Am anere Fall giff si just DUERSchloen oder héchstens DRASchloen. Do hu mir dach esou **speziell lëtzebuergesch Ausdrucksweisen**: «Maach duer! Hal duer! Maach dobäi!... an dat kascht esouguer dacks Krämpes, fir et op korrekt Däitsch ze iwwersetzen; vum Fransésche léiwer net ze schwätzen. Et ass mir ower e bësse esou, **wéi wann den Titel un deem Theaterstéck säin däitscht Original net lass gi wier**... mä elo hunn ech vläicht rëm zevill gesot, well déi 'Auteuren' sech onbedéngt als Original-Schreiwver verkafe wëllen. Dajee alt.

Wien sech an deem do Sënn wëllt eng zolitt Schnauff Wëssen huelen, dee soll sech emol eist **Buch «EISES»** uschaffen (et ass an all Bicherbuttek ze kréien). «*Il pourra s'y faire la main... et les dents!*» giff de Koseng Ficelle beim Dicks soen. Mä dee Mann konnt säi Lëtzebuergesch! ■ H.W.

«mir gin klibberen»?

dat ware fir eis Klibberkanner ganz gutt gemengte Schëlter, a fir déi hunn d'Produktionsfirma grad ewéi d'Gemengen, déi se opgestallt hunn, e Compliment verdéngt... ower si wëssen dach all, datt mir hinnen esou Texter ganz gär a gratis nokucken.

«**ginn**», dat kritt alt emol d'éischt **2 'n'**... bannen am Saz ower nëmme **virun i-u-e-o-a/n-d-t-z an h**. Beispill: «mir ginn» *iwwer/un/ëmmer/ower/anescht / nach/dacks/tëscht/zevill/haut...* vrun all anere Bustawen hannendru fällt den «n» am Saz ewech; Beispiller heifir: «mir **gi**» *gär/mat/rullen/wäschen/schlofen...* an natierlech **mir gi klibberen!**

En anert, praktescht, Beispill fir den Artikel **«den/de»**: **den** Albert, **den** Usch, **den** Isi, **den** Otto an **den** Emil ginn an **den** Thater/**den** Zinema/**den** Neiewee... mä **de** Batty, **de** Carlo, **de** Misch an **de** Will ginn an **de** Kino, **de** Reitstall, **de** Wantersport, **de** Park, **de** Garage...

Gewëss, do kann een duerchernee geroden. Ower wann een sech emol eng Kéier zerguttst a roueg iwwer de PRINZIP vun dëser Saach béckt, dann ass et (déi sougenannt 'Äifeler Regel')... glat näischt.

D'Madame Atten huet vrun den Ouschteren an hirer Gemeng (Conter/Mutfort) manéierlech reklaméiert... a si krut Recht! Mir ginn hir hei e Merci, grad ewéi der Gemeng selwer... an erënneren dat anert Joer fir Liichtmësdag an d'Ouschterwoch erëm drun. ■ L.R.

Orthographie wichtig?

All Sproochen hei rondrëm äis hunn hir festgesaten Orthographie/Schreifweis. **A jidfer Orthographie ass dat eent oder dat anert, wat engem net 'logesch' schéngt** oder soss iergendwéi net geet. Mä Schreifweis ass am Fong keen Zweck u sech, si erfëllt en Zweck; si bréngt Uerdnung an eng Zort vu Wull! Wa jiddereen säint op seng Manéier schreift, da muss deen een deem aneren säint **bustawéieren, aplaz flësseg ze liesen**, well de Lies-Floss kënn nëmme doduerch, datt eis Aen eng Gewunnecht fir ganz Wieder, Sazdeeler an esouguer ganz Sätz kréien; si 'späicheren', a wat méi dacks, wat besser. An der praktescher Pädagogik a besonnesch an dem theorethesch-wëssenschaftlechen Deel dovun gëtt et ganz komplizéiert Explikatiounen doriwwe... mä déi muss een net kennen, fir liesen ze léieren; **dofir brauch een nëmme ze liesen, liesen, liesen, liesen!**

Eng Condition, fir gutt liesen ze léieren, ass ower, datt déiselwecht Wieder a Wuertgruppen ëmmer dselwecht geschriwwen sinn/ginn... da 'sprangen' se an d'Gickelcher. A wat se iech méi bekannt/familiär sinn, wat se iech méi séier an är 'Kuckerten' hopsen. Op enger ganzer Zeitungssäit spréngt ären Numm iech dach esouguer bal an d'Aen, oui datt dir emol wësst, datt en do steet... vrun allem och well hien ëmmer dselwecht geschriwwen ass, dat heescht 'richteg' do steet. D'Explikatioun dovun hätt een 'Neuropsychiater' op der Lee. Dat 'genormt Richteg' ass den Haaptfong vun all Orthographie, der Recht-Schreibung also. Och am Lëtzebuergeschen! ■ P.W.

Ceterum censeo...(12)

Eng (e bësse hannerwänneg) Fro: Wéi kann een dofir sinn, datt **eis Sprooch eng vun de Conditione soll ginn, fir eis Nationalitéit ze kréien**... an engems ower réngelen a maachen an dinn, wann et heescht, d'Lëtzebuergesch klor an däitlech als eis **Nationalisprooch an d'Constitutioun vum Grand-Duché** ze setzen? Wuel verstanen: NATIONAL-Sprooch, net als NATIONALISTE-Sprooch! esou wéi dat ganz normal an natierlech an de Länner hei rondrëm äis verlaangt/praktizéiert gëtt, an zwar vu 'lénks' ewéi vu 'riets'... plazeweis esouguer als Bedéngung fir iwwerhaapt eran an d'Land ze kommen! ■ AL

e 'flyer' fir de Wëlzer REENERT



Et hunn ewell kéipweis Leit **de Kultur-Wee RODANGE-REENERT** zu Wolz bewonnert. Dacks mat Gruppen oder souguer mam Bus bis just dobäi. Wien ower net zu Wolz kënneg ass, dee kann eventuell laang sichen, iert hien e fënt; Wolz zitt sech wäit auserneen, mä vun der Gare aus sinn et z. B. nëmme 250 Meter bis an de 'Parc Simon'... oder dolaanscht!

Deem hu mir elo opgeholf, an zwar mat engem 'Dépliant', engem 'flyer', wéi dat haut esou flippeg heescht, egal, d'Haaptsaach ass: et hëllef! Ausser klore Säiten Text (véiersproocheg a 'recto/verso' iwwer e gefaltnen DIN A4!) a **Biller iwwer d'Enstoe vum Monumente-Wee, ass och eng däitlech Situatiounskart vu Wolz** drop.

Dësen «dépliant»/Flyer kritt dir elo an der **Gemeng Wolz** a geschwënn och an de «Syndicater» a villen aneren Uertschaften; frot iech en z. B. um Gënszefest oder um Festival. Eise Membre schécke mir en heem. Dir kënn der natierlech och bei äis op enger vun eisen Adressen hei an der KLACK bestellen. Mir wënschen iech vill Intresse fir d'Saach... vläicht och e gemittlechen Dag zu Wolz!

Zillen an ziichten

Huet dir iech ewell Gedanken driwwer gemaach, firwat, datt elo op eemol näischt méi soll 'gezillt' ginn, mä nëmme méi 'geziicht'. Ginn eis Kanner dann elo (am duebele Sënn) 'gezillt' oder 'geziicht'? Da muss mir dee bekannte Sproch jo och emänneren: **«Deen do ass net geziicht a gewinnt, aplaz gezillt a gewinnt.»** Bei Déieren a Planzen ass gemenkerhand vun Zillen an net vun Ziichte geschwat ginn (Muppen, Kanéngercher, Gissercher, Hénger, Poretten, Kabes asw.). Wie Beien hat, deen huet Beie 'gehal', net geziicht; hie war e Beiemann an net onbedéngt e Beienziichter.

Klenggekeeten! Vläch... mä mat deene Méckepéilereie gëtt **d'Speis tëscht den Zille vun eisem klenge Sproochgebai muttwëlles erausgepiddeelt**. Natierlech (alt erëm) mat TV-Däitsch... dat äis iwwerfällt wéi en Tsunami! ■ P.W.

lavez vos dents... hihhi!

...dat konnt nëmme e Lëtzebuerg an déi Reklamm geschriwwen hunn! Well **mir sinn déi Eenzeg, déi eis Zänn «wäschen»**, also net 'biischen' an net 'botzen' (brosser, putzen, to brush). Hei handelt et sech em deer Beispiller eent, wou eise klengen *Idiom* sech vun anere Sproochen ënnerscheet.

Ass iech och ewell opgefall, datt eleng d'Lëtzebuerg sech **de Kapp wäschen**... an net d'Hoer; dat mir mat verständlechem Genoss **e Päerdsbüfdeck** iessen, deemno e Stéck Randfleesch... vum Coco; **e Schwéngsbüfdeck** soll et och esouguer ginn, an dat dann och nach no bei engem **Waassersteen**, deen ewell laang aus Inox-Stol besteet, oder bei engem **Fensterbriet**... aus Steen! Da soll mol nach ee behaupten, d'Lëtzebuergesch hätt keng 'Spezifitéiten' a giff nëmme aus 'Interferenze' mat anere Sprooche bestoen. ■ H.M.